Clubmeeschterschaft zu Rabais

Haut den 18. Oktober huet zu Rabais an der Belsch déi zweeten Manche vum Club Championat vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg stattfond. Et woren 12 Fëscher ungetrueden fir dësen 2. Duurchgang auszedroën. Mir haten genee ewei bei der éischter Manche am Fléissgewässer och Haut super Hierschtwieder erwëscht mat Temperaturen ëm déi 20 Grad an déi ganzen Zäiten Sonn. Leider woren am Virfeld ee puer Kollegen aus gesondheetlechen Grënn ausgefall oder woren beruflech verhënnert mée mir haten awer erëm éng gudd Équipe zesummen kritt déi een ganz spannenden Mätsch mat éngem ganz éngem Ausgang ausgedroën huet. Nodeems den Jeek, den Dan an den Jemp d´Stänn gesat haten hun mir eis op den Weë op eis Plazen gemeet, Hei unkomm hun mir direckt kënnen vill Fësch gesin an och vill Gobagen woren um Waasser mée leider sollt d´Fëschen awer net dat halen wat et versprach huet. Et sin ganz wéineg Fësch gefaangen gin wat bestëmmt och deem gudden Wieder geschold wor. Et woren vill Fësch am Weiher mée et wor net esou einfach dës ze iwwerlëschten an deementspriechen wor d´Resultat dun och zimlech moër ausgefall.

Shakespeare

Nodeems mir eis Manchen ausgedroën haten hun mir eis nach an énger gemitlecher Ronn an der Buvette vum Séi zesummengesat fir d´Resultater auszerechnen an dës sin dann och unschléissend vum Sekrtäir, dem Erny, verkënnegt gin. Als Drëtten um Podium hat den Patrick Bartholmé bei sénger éischter Bedeelegung esou stoark am Fléissgewässer virgeluecht dass Him zeguer éng Nullronn zu Rabais duurgaangen ass fir séng drëtten Plaz ze verteidegen. Den Zweeten an Champion vum Virjoër, den Änder Jung, hat och een formidabelen Parcour am Fléissgewässer un den Dag geluet an hat unsech schon een ganz groussen Virsprong mat op Rabais gehol, mée et sollt awer net duur goën ewell den Luss an éngem spannenden Mätsch déi grouss Chance hat an direckt déi richtég Taktik un den Dag geluecht huet déi Him net nëmmen den Championstitel bruecht huet mée och nach den décksten Fësch, éng Rébouforell vun 49 cm. Esou ass dun och dëst Joër erëm éng gelongen Meeschterschaft zu Enn gaangen bei déier net Alles optimal wor, zevill kléng Fësch am Heischenter Grond an déi ganz schwéier Konditiounen zu Rabais haten eis schon d´Liewen als Méckenfëscher schwéier gemeet, an awer ass deen ganzen Mätsch harmonesch an komerodschaftlech ofgelaaf an elo freën mir eis schon op d´Generalversammlung ewou dann och d´Lauréaten vun dësem Joër zu Éieren kommen wärten.

Ofschléissend frëen mir eis elo schon op déi zwou leschten Sortiën fir dëst Joër déi eis fir d´éischt an déi belsch Ardennen op den Séi vun Rabais, la Sortie du Jambonneau, féiert an ewei all Joërs loossen mir dann d´Joër um domaine de Sommedieue ausklengen. Och dëst Joër sollen erëm Bannowender stattfannen déi och am November unfänken missten, ewou den Komité sech awer nach am Virfeld zesummen setzt fir ofzestëmmen an ewei énger Form mir dat wëllen dëst Joër ungoën. Bei déier Geleenheet profitéieren mir dann och dovunner fir dem Méckenjang an dem Raym, Merci ze soën, Déi allen Béid während laangen Joëren et ëmmer erëm op een Neist fäerdeg bruecht hun eis Bannowender fachmänech an mat vill Häerzblud ze organiséieren. Och wëll ech vun der Geleenheet profitéieren fir nach éng Kéier drun ze erënneren dass elo zu Lamadelaine beim Joé d´Fëschsaison fir Méckenfëscher vum 1. Oktober aus un erëm op ass an dass och den 1.November den Domaine du moulin neuf zu Boismont fir eis Méckenfëscher séng Diiren opmécht.

CLUBMEESCHTERSCHAFT 2014

NUMM:	ÉISCHT MANCHE		ZWEET MANCHE		RESULTAT	
	Punkten:	Plaz:	Punkten:	Plaz:	Punkten:	Plaz:
Änder Jung	456	1.	151	3.	607	2.
Patrick Bartholmé	387	2.	45	8.	432	3.
Luss Dilk	343	3.	299	1.	642	1.
Jean – Jaques May	282	4.	45	8.	327	5.
Dan Muno	200	5.	174	2	374	4.
Patrick Scheid	164	6.	45	8.	209	6.
Albert Bettendorff	96	7.	abs.		96	11.
Jemp Hoffmann	87	8.	45	8.	132	8.
Jemp Nicolas	85	9.	95	5	180	7.
Marc Duton	85	9.	abs.		85	14.
Marc Dumont	81	11.	45	8.	126	9.
Fränz Meis	abs.	12.	abs.			
Mich Gilson	abs.	12.	95	5.	95	12.
Pawlik Wislaw	abs.	12.	94	7.	94	13.
Gast Grass	abs.	12.	100	4.	100	10.

PODIUM 2014:

CLUBMEESCHTER — LUSS DILK

VIZE – MEESCHTER — ÄNDER JUNG

3. PLAZÉIERTEN — PATRICK BARTHOLMÉ

DEN DÉCKSTEN FËSCH — LUSS DILK RÉBOUFORELL 49 CM